ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Enge sëllegen Zeieberichter no, déi iwwerdeems och vun der Human Rights Watch (HRW) rapportéiert goufen, ass et am Mali zu engem tragesche Massaker un Ziviliste komm. Am Duerf Moura soll déi malesch Arméi zesumme mat auslännesche Söldner ronn 300 Zivilisten ermuert hunn. Den HRW huet dëse Massaker als déi schlëmmsten Dot am Mali vun de leschten zéng Joer erkläert, d.h., zanter dem Ufank vum Sahel-Konflikt. Och déi franséisch an amerikanesch Regierungen hunn sech déif betraff iwwert dës Dot gewisen.

An deem Zesummenhank hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Huet d'Regierung sech bis dato zu deenen uewe genannten trageschen Dote geäussert?
2. Goufen déi malesch Zaldoten, déi matverantwortlech si fir de Massaker un Zivilisten, ënnert der Responsabilitéit vun EU-Militärprogrammer forméiert?
3. Wa jo, huet och Lëtzebuerg sech - sief dat finanziell oder personell - op iergend eng Manéier un der Formatioun vum malesche Militär, déi fir dës schrecklech Dote responsabel sinn, bedeelegt?
4. Wier et an den Ae vun der Regierung elo net ubruecht, fir de Lëtzebuerger Engagement am Mali generell ze iwwerdenken, haaptsächlech am Hibléck op déi Lëtzebuerger an/oder europäesch Zesummenaarbecht mat der malescher Arméi?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten